# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

OKTOBER - NOVEMBER 2022








# BENVENUTI A SCHIO!

*Les Amis des Jumelages de la commune de Pétange «on tour» en Italie*



**Édito** 3

*Den Alldag huet nees ugefaangen*



**Eiser Geschäftswelt ënner d'Äerm gräifen** 4

*2020 an 2021 sinn zwee Joer, déi bestëmmt ganz laang am Gediechtnis vun de Leit hei zu Lëtzebuerg esouwéi op der ganzer Welt bleiwen. De Coronavirus hat och d'Gemeng Péiteng voll am Grëff. D'Stroosse waren eidel, d'Geschäfter – bis op déi, wou d'Leit noutwendeg Saache fir den Alldag kafe konnten – hu mussen zou bleiwen ...*



**Souvenons-nous des passeurs et filiéristes** 6

*Vivre en temps de guerre, sous un régime oppresseur nazi, c'était un fardeau lourd à endurer jour après jour pour la population. Durant ces années d'occupation, certains de nos compatriotes ont risqué leur peau ...*

**Energie spueren – och d'Gemeng mécht mat!** 7

**Les économies d'énergie – la commune est partante!** 8

**AGENDA** 9

*Octobre - Novembre - Décembre*

**78. Anniversaire vun der Befreiung vu Péiteng** 12

**Wat war lass?** 14

**Mir gratuléieren** 21

**D'Gemeng informéiert** 22

*De Geschichtsfuerscher*

*Intéresser les non-résidents à la politique communale*

*RPL TV*

*Une étape majeure terminée*

*Espace muséologique 9'44*

**Rock the South** 24

*Mell dech un!!!*

# IMPRESSUM

**Éditeur :**

Administration communale de Pétange

B.P. 23 • L-4701 Pétange

Tél.: 50 12 51-1000

Fax: 50 12 51-2000

www.petange.lu

commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos :**

Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Laurent Blum, Nathalie Flenghi, Milena Marcovic, Claude Piscitelli, Val Wagner, Amis des Jumelages de la commune de Pétange, istockphoto

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**

Octobre/Novembre 2022

ISSN 1993-0070

# Den Alldag huet nees ugefaangen

Et war e waarme Summer, mat vill schéinen Deeg op deenen ee bal gemengt huet, et wier een an der Vakanz heiheem. Temperaturen ewéi am Süden, déi scho bal ze héich ware fir d'Leit an eise Regiounen. Wéi ëmmer ganz pünktlech fir den Ufank vun der Schueberfouer huet och d'Wieder ugefaangen, sech op d'Rentrée an déi méi kal Saisonen anzestëmmen.

Eng Rentrée, dat ass ëmmer verbonne mat ganz vill Opreegung fir déi ganz Kleng, déi fir d'éischt an eng Crèche, an de Précoce, an eng Maison Relais oder an d'Grondschoul ginn, wou fir si en neien an nach onbekannte Liewensofschnëtt ufänkt. Do fléisst vläicht munch Tréin – eventuell och bei den Elteren –, ma dat ass séier vergiess wann déi éischt Frëndschaften entstinn, d'Stonne mat anere Kanner flott gestalt sinn an den Alldag sech schlussendlech als interessant Erfahrung weist.

Fir déi grouss Schoulkanner aus deene méi héichen Zyklen ass et deelweis schonn eng Routine. Si wëssen, wat op si duerkënnt a freeën sech och, hir Schoulkomeroden erëmzegesinn no zwee Méint Summervakanz, wou eng Rei vun hinne heiheem bliwwe sinn, anerer fortgefuer sinn. Ma och fir si stellt en neit Joer nees nei Erausfuerderungen duer, déi si meeschtere mussen. Och wann et an deem Alter vläicht keng Tréine méi gëtt, esou ass dach eng gewëssen Nervositéit do wann si un déi nächst Méint denken, wou si schaffen an sech neit Wëssen uneegne mussen. Jo, et ass net alles esou einfach – fir déi Grouss a fir déi méi Jonk. Jiddereen huet eng Verantwortung a muss probéieren, sech hir esou gutt ewéi méiglech ze stellen.

Fir d'Eltere kann d'Enn vun der grousser Vakanz eng Erliichterung sinn, well si elo wëssen, datt d'Kanner gutt ënnerriicht a betreit ginn an och si berouegt schaffe kënne goen. Anersäits verstinn si awer bestëmmt och d'Nervositéit vun de Kanner, well si jo och alleguer eng Kéier an deem Fall waren an si probéieren, hir beschtméiglechst Ënnerstëtzung ze ginn.

D'Schoulrentrée ass awer och eng Zäit, op déi d'Gemeng sech iwwer Méint virbereet, esou datt si de Kanner optimal Méiglechkeete bitt fir ze léieren. An de leschte Jore sinn net nëmme vill Klassesäll nei ageriicht ginn, och d'Zuel vun de Plazen an de Maison Relaise sinn eropgaange fir der Demande, déi ëmmer méi grouss gëtt, Rechnung ze droen. Esou entstinn zu Lamadelaine eng nei Maison Relais esouwéi nei Schoulsäll iwwerdeems zu Péiteng am Schoulgebai Éigent schonn zënter enger Zäitchen den Ëm- respektiv Ausbau amgaangen ass. Ausgeschafft ginn zur Zäit nach nei Maison Relaisen zu Rodange tëscht dem Päsch an der rue Nic. Biever an och an der rue Pierre Hamer zu Péiteng, wou de Projet vun enger weiderer Maison Relais géintiwwer vum Hôtel Threeland soll entstoen.

D'Beméiunge fir jiddfer Kand eng adäquat, modern a funktionell Ariichtung ze bidde waren nach nie esou grouss. Ma et muss een och bedenken, datt den Zouwuess an der Bevölkerung méi séier geet ewéi de Bau vun enger neier Schoul oder enger Maison Relais. Well grad ewéi fir d'Kanner an d'Elteren heescht et och fir d'Gemeng „Nom Schouljoer ass virum Schouljoer". Mir wënschen de Kanner, den Elteren an dem Léierpersonal e flott Schouljoer a vill Erfolleg.

De Schäfferot vun der Péitenger Gemeng



# Eiser Geschäftswelt ënner d'Äerm gräifen

*2020 an 2021 sinn zwee Joren, déi bestëmmt ganz laang am Gediechtnis vun de Leit hei zu Lëtzebuerg esouwéi op der ganzer Welt bleiwen. De Coronavirus hat och d'Gemeng Péiteng voll am Grëff. D'Stroosse waren eidel, d'Geschäfter – bis op déi, wou d'Leit noutwendeg Saache fir den Alldag kafe konnten – hu mussen zou bleiwen.*




Dëst war natierlech keng einfach Situatioun, well d'Verloschter vun de Geschäftsleit enorm waren. An dat iwwer eng laang Zäit. Eng Zäit, an där de lokale Commerce op Reserve gelieft huet. Och de Kuerbuttek, dee jo vum CIGL an net privat geréiert gëtt, huet ënner dëser Situatioun gelidden. Esou eng Situatioun ass ze erdroen, awer net onbedingt vu jidderengem an iwwer esou eng laang Period ewéi mir se an der Pandemie kannt hunn.

Dofir huet d'Gemeng Péiteng versicht, esou gutt et goung ze hëllefen an duerch verschidde konkret Aktiounen um kommunale Gebitt de Geschäftsleit ënner d'Äerm ze gräifen. Dat huet domat ugefaangen, datt den Horeca-Secteur Schnelltester zur Verfügung gestallt krut. Fir déi eng war dat vläicht just eng Drëps op de waarme Steen, fir déi betraffe Leit awer eng Ausgab manner.

Op RPL TV, dem lokale Sender vun der Gemeng Péiteng, kruten zënter Mäerz 2021 d'Geschäftsleit eng Plattform, wou si sech virstelle konnten. Eng gutt Geleeënheet fir emol ze weisen, wou ee wat kafe kann. Dës Emissioune sinn och nach ëmmer um Internetsite vun der Gemeng (www.petange.lu) ze gesinn. Doriwwer eraus waren si och op der *Youtube*-Plattform, um Info-Kanal an op Apart TV ze gesinn.

Bei *Péiteng On Air*, dem lokale Radiosender, gouf Dag fir Dag Reklamm gemaach fir d'Commerçanten a schlussendlech goufen a ginn och nach ëmmer nei Geschäfter, Caféen a Restaurante virgestallt an engem klengen Artikel am *Meng Gemeng*. Hei gouf och zënter der Juni/Juli-Editioun vum *Meng Gemeng* e Rezept vun engem lokale Restaurateur publizéiert fir nozekachen oder fir et vläicht op d'Plaz schmaachen ze goen …

Eng weider Moossnam, déi fir déi méi kleng Betriber eng net onwichteg Stäip duergestallt huet, waren déi sëlleche Bongen, déi d'Awunner aus der Gemeng bei verschidde Geleeënheete kruten. Op dësem Wee haten si d'Geleeënheet fir an deene Geschäfter, déi sech an enger spezieller Lëscht agedroen haten, déi vum Service Culture et Communications opgestallt gi war, hir Bongen anzeléisen. Dëst huet immensen Uklang bei de Leit fonnt an esou munche Client huet seng Suen och an deene klenge Geschäfter hänke gelooss. Am Virfeld vun dëser Aktioun haten d'Geschäftsleit och Affichë fir opzehänken ausgedeelt kritt, esou datt d'Bierger och gesinn hunn, wien un dëser Bongen-Aktioun deelgeholl huet. Doriwwer eraus waren och all déi Geschäfter resp. Restauranten an de soziale Medie vun der Gemeng opgelëscht a publizéiert ginn, déi ausgeliwwert hunn oder wou een eppes konnt siche goen.

D'Bonge goufe bei dëse Geleeënheeten ausgedeelt:

- Beim Spill *Ech ënnerstëtzen d'Geschäfter aus der Gemeng Péiteng* am Magazine Meng Gemeng.
- Am Kader vun de kommunale Manifestatiounen, déi duerch d'Pandemie hu missen ofgesot ginn oder déi an engem méi klenge Kreess organiséiert goufen esouwéi d'Rentnerfeier an d'*Journée du Grand Âge*, d'Éierung vun de verdéngschtvolle Schüler a Studenten, d'*Journée des méritants (Mérites culturel et sportif)* an d'*Marche gourmande*.

Et sief awer och drop higewisen, datt bei deene Veranstaltunge vun der Gemeng, déi stattfanne konnten, d'Produkter integral an de lokale Geschäfter akaf goufen.


De Stroossemaart, dëst Joer organiséiert vun der *Association des professionnels des foires et marchés*, gouf vun der Gemeng Péiteng ënnerstëtzt an hat eng sëlleche Leit ugezunn, déi och bis an de spéiden Nométteg eran zu Péiteng hänke blouwen.

E bësse méi theoretesch, awer wuel mat prakteschen Ziler war de Webinar *Nouvelles mesures d'aide aux entreprises & Lëtzshop.lu*, deen d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Chambre de Commerce op d'Bee gestallt hat. Och e Ronndëschgespréich mat der Wirtschaftskommissioun an de lokalen Händler huet stattfonnt wou erauskoum, datt d'Gemeng Péiteng elo op d'Kreatioun vun engem neie Gremium waart, dat de Spriecher ass fir déi lokal Geschäftsleit.

D'Ënnerstëtzung fir den Eenzelhandel war batter néideg fir datt d'Geschäftsleit och no der Pandemie nees besser op d'Féiss kéinte kommen. A wann een esou ronderëmkuckt, da schéngen déi ganz Aktioune jo awer hir Friichte gedroen ze hunn.






# Souvenons-nous des passeurs et filiéristes

*Vivre en temps de guerre, sous un régime oppresseur nazi, c'était un fardeau lourd à endurer jour après jour pour la population. Durant ces années d'occupation, certains de nos compatriotes ont risqué leur peau pour venir en aide à des personnes voulant échapper à l'occupant qui s'était infiltré dans tous les domaines de la vie des habitants.*

Les individus qui ne voulaient point se soumettre au gouvernement ont agi en conséquence. Bien souvent avec des répercussions graves pour la personne en question ainsi que pour sa famille et son entourage.

Résistance passive ou active, ils savaient qu'ils allaient finir dans un camp de concentration, dans des chambres de torture comme dans la Villa Pauly à Luxembourg Ville après leur arrestation. Sans mentionner le sort des familles qui, néanmoins, les soutenaient dans leur décision.

Ainsi bon nombre de jeunes gens qui n'avaient point l'intention de se laisser endoctriner ont choisi le chemin de la fuite tout comme ceux qui auraient dû être intégrés au Reichsarbeitsdienst (RAD) ainsi que les réfractaires fuyant le service militaire dans les rangs de l'ennemi et les enrôlés de force qui, lors d'un «Heimaturlaub», ont décidé de déserter.

Grâce à des citoyens courageux, ces personnes en danger ont trouvé refuge pendant un certain temps avant d'être pris en charge par un passeur qui les a menés secrètement au-delà des frontières belge et française.

Dans les régions limitrophes, des filiéristes locaux ont pris la relève et les ont emmenés dans des endroits sûrs. En France, ces lieux se trouvaient soit en zone occupée soit en zone libre. Il faut savoir qu'au Grand-Duché, les personnes ayant contribué en amont ou en aval d'un passage à l'étranger sont considérés comme filiéristes.

Le plus grand réseau dans notre région fut le SRA PI-MEN (Service de Renseignement et d'Action des Patriotes Indépendants) à Differdange d'où les passeurs ont franchi la frontière de Differdange et de Lasauvage vers Saulnes et Hussigny-Godbrange. Au sein de la commune de Pétange, les sources littéraires ne font mention que de René Rasquin qui, à l'époque, travaillait à l'usine de Mont-Saint-Martin en France et a ainsi pu tisser des liens et transmettre des informations entre les familles au Luxembourg et les personnes ayant fui le régime nazi.

Malgré cela, l'unique Borne du Passeur du pays, le monument en l'honneur des passeurs et filiéristes, fut érigé à Pétange. Initialement implanté et inauguré le 28 mai 1961 au croisement des rue de l'Eglise et rue de la Chiers, la stèle fut déplacé à côté de l'église paroissiale de Pétange en 1994.

# Energie spueren – och d'Gemeng mécht mat!

*De Moment stinn d'Energieproblemer jo am Mëttelpunkt vun den Diskussiounen. Jo, de Bierger ass gefrot fir säin Deel zum Energiespuere bäizedroen.*

Awer och d'Gemeng Péiteng stellt sech hirer Verantwortung an huet schonn eng Rei Moossname getraff, déi zu engem manner héiche Verbrauch un Energie féieren. Dozou gehéieren:

- D'Chrëschtbeliichtung soll dëst Joer op 4 Plaze reduzéiert ginn, an zwar op d'Gemengeplaz esouwéi bei deenen 3 Kierchen – zu Péiteng, Rodange a Lamadelaine. An dëst just während enger bestëmmter a bis zu enger bestëmmter Zäit. Déi genee Auerzäite goufen awer nach net festgeluecht.
- An der Schwämm gëtt d'Temperatur an de Basengen ëm 1 Grad erofgesat.
- An de Gemengegebaier gëtt d'Temperatur op 20° Grad begrenzt – natierlech esouwäit dat och méiglech ass.

zesumme spueren
**ZESUMMENHALEN**

- Déi ëffentlech Gebaier an d'Monumenter ginn net méi an der Nuecht beliicht.

An den nächste Woche wäerten och nach weider Moossname vun der Gemeng geholl ginn, déi an der Dezember-Editioun am Meng Gemeng opgefouert ginn.

Elo schonn e grousse Merci un Iech, d'Matbierger, fir de Versteesdemech, besonnesch awer fir Är Mathëllef.



# Les économies d'énergie – la commune est partante!

*Pour l'instant, bon nombre de discussions centrent la focale sur les problèmes d'énergie. Oui, chaque citoyen est prié d'apporter sa contribution aux économies d'énergie.*

La commune de Pétange aussi est consciente de sa responsabilité et a déjà pris certaines mesures menant à une réduction d'énergie, notamment:

- Les illuminations de Noël sont limitées à 4 sites, c.à d. la place John F. Kennedy ainsi que près des églises de Pétange, Rodange et Lamadelaine. Ceci pendant certaines heures seulement. Les horaires exacts n'ont pas encore été fixés pour l'instant.
- La température des bassins dans la piscine est abaissée d'un degrée.
- La température dans les bâtiments communaux est limitée à 20°C – naturellement dans les limites du possible.
- Les bâtiments publics ainsi que les monuments ne sont plus illuminés pendant la nuit.

zesumme spueren
**ZESUMMENHALEN**

Dans les semaines à venir, des mesures supplémentaires seront décidées par la commune et, à la suite, publiées dans l'édition de décembre du magazine *Meng Gemeng*.

D'ores et déjà un grand merci à vous, les citoyens, pour votre compréhension mais surtout pour votre contribution.






# AGENDA

## Octobre - Novembre - Décembre

### 12.10.
### INFO-OWEND: DEMENZ GEET EIS ALL EPPES UN

Péiteng – Centre WAX

vun 18.30 bis 20.00 Auer

**Aschreiwung ass obligatoresch** per e-mail: jessica.mores@petange.lu

Fräien Entrée · Begrenzt Plazen

Org.: Commune de Pétange an Zesummenaarbecht mat der Association Luxembourg Alzheimer (ALA) an dem Info-Zenter Demenz

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE: DEN 14.10. AN 11.11.**

**RODANGE: DEN 21.10. A 18.11.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG: DEN 5.11. AN 10.12.**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### 15.10.
### INFORMATIOUNSOWEND LSAP

Péiteng – Kulturhaus A Rousen

Ufank: 19.00 Auer · Fräien Entrée

Org.: LSAP-Sektioun Gemeng Péiteng

### 14. an 15.10.
### TOURNOI DE SQUASH

Pétange – Centre sportif Bim Diederich

14.10: de 19h00 à 23h00

15.10: de 11h00 à 19h00

Entrée libre les deux jours

Org.: Squash Club de la commune de Pétange

### 16.10.
### KIERMES-KAFFISSTUFF

Lamadelaine – Fräizäitzenter (rue Grousswiss)

vu 14 bis 19 Auer · Fräien Entrée

Org.: Lëtzebuerger Fraen a Mammen Lamadelaine

### 21.10.
### KEEN PLANG

Centre WAX (rue d'Athus)

Ufank: 20.00 Auer

Concert am Kader vum 10. Anniversaire vun der Konscht-Millen

Reservatioune per E-mail: masutti@pt.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

### 22.10.
### RANDONNÉE VTT AUTOUR DU TITELBERG

Rodange – Stade Doihl (rue de la Minière)

Début: 9h00

Infos sur www.ucr.lu

Org.: Union cycliste Rodange

### 22.10.
### HIERSCHTFEIER

Rodange – Kulturzenter (av. Dr. Gaasch)

Ufank: 14.30 Auer

Fräien Entrée

Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

### 22. an 23.10.
### MARCHÉ AUX PUCES

Lamadelaine – Centre de loisirs

22.10: de 14h00 à 18h00
23.10: de 10h00 à 18h00

Entrée libre

Org.: Hobby 81 Lamadelaine

### 22.10.
### AL SCHANKEN MAT DE MIERBAACHER

Péiteng – Centre WAX (rue d'Athus)

Ufank: 20 Auer

Concert am Kader vum 10. Anniversaire vun der Konscht-Millen

Reservatioune per E-mail: masutti@pt.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

### 23.10.
### MARCHE POUR LE TÉLÉVIE

Rodange – Terrain de football Am Doihl (rue de la Minière)

Départs à partir de 9h00

Petite restauration sur place

Participation: 5€

Vestiaires et douches à disposition

Org.: Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl

### 24.10.
### GRAND MARCHÉ

Pétange – Place J.F. Kennedy

De 8h00 à 18h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

### 24.10. an 21.11.
### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

**29.10.**
### 80S – 90S – 2000S PARTY
Lamadelaine – Fräizäitzentrum (rue Grousswiss) · Ufank: 21.00 Auer

mam DJ Petw W., DJ Fritz & Lokal Heroes

Entrée: Virverkaf: 7€ · Oweskees: 10€

Org.: Amicale Nidderréideng Rodange

**02.11. ET 07.12**
### MARCHÉ MENSUEL
Pétange – place J.F. Kennedy

de 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**10. - 13.11.**
### EEN FUTTISSEN DAACH AN ANER ZWËSCHENFÄLL
Rodange - Kulturzenter

den 10.11 um 14.30 Auer
den 11. an 12.11 um 20 Auer
den 13.11 um 15.00 Auer

Reservatioun iwwer Tel.: 661 500 947

Org.: Cercle Dramatique Rodange

**11.11.**
### GENERALVERSAMMLUNG VUN DER AMICALE DES ANCIENS PRINCES ET PRINCESSES DE LA CAVALCADE
Am Fräizäitzenter zu Lamadelaine

Ufank: 19.11 Auer · duerno

### FUESBAL MAM KÄPT'N ÄNDÄ&MATROUS K1000
Ufank: 20.11 Auer · Virstellung vun der Prënzekoppel 2023

Org.: AAPPC

**11. & 12.11.**
### TOURNOI DE SQUASH
Pétange - Centre sportif Bim Diederich

Le 11.11 de 19 à 21h00
Le 12.11 de 11 à 19h00

Org.: Squash Club de la commune de Pétange

**12.11.**
### RÉUNION
Lamadelaine – Centre de loisirs (rue Grousswiss)

De 15h00 à 21h00 · Org.: Yemba

**13.11.**
### TABLE RONDE
Lamadelaine – Centre de loisirs (rue Grousswiss)

De 14h00 à 18h00 · Entrée libre

Org.: déi Lénk Section Pétange

### MINETT PARK
**19. an 20.11.**
### SANKT NIKOLAUS-ZUG
Abfahrt in Petingen
19.11.: 13.30 und 15.30 Uhr

Rückfahrt in Fond-de-Gras
19.11.: 14.45, 16.30 und 17.55 Uhr

Abfahrt in Petingen
20.11.: 10.45, 13.30 und 15.30 Uhr

Rückfahrt in Fond-de-Gras
20.11.: 12.45, 14.45, 16.30
und 17.55 Uhr

Infos unter www.minettpark.lu

Org.: Minett Park




**25.11.**
### RÉUNION MENSUELLE
Rodange – Centre culturel (av. Dr Gaasch)

Début: 17h00 · Entrée libre

Org.: Cercle Philatélique Rodange

### THEATER AM HOME
**26. an 27.11., 1. bis 3.12.**
### ENG MÄERDRECH WÄIN-DEGUSTATIOUN
Péiteng – Home St Hubert (rue de l'Eglise) · Rideau: 20 Auer

**Den 28.11:** Rideau um 17 Auer, duerno Wäin-Degustatioun mat Kéis-Buffet (15€) op Reservatioun

**Reservatiounen** iwwer de Site www.theaterfrennpeiteng.lu oder iwwer Tel. 691 460 084 tëscht 16 an 20 Auer, Whatsapp an SMS

Entrée 15€

Org.: Theaterfrënn vum Home

**4.12.**
### ADVENTSFEIER
Rodange – Kulturzenter (av. Dr. Gaasch)

vu 14.30 bis 18.00 Auer

Fräien Entrée

Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG
**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**

**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail: prenzebierg@clubsenior.lu**

**Kontaktpersoun: Geneviève FABER**

**Virementе fir Reservatiounen op de Konto CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

**25.10.**
### WANDERUNG ZU GÉISDRËF / VISITE VUM HANSHAFF
Départ um 8.30 Auer um Parking Plateau des Hauts-Fourneaux zu Déifferdeng

Präis: 10€
d'Iesse gëtt op der Plaz bezuelt

Transport: 22€

Wanderung vun ongeféier 6 km

Nomëttes Visite vum pädagogesche Bauerenhaff.

clubsenior

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

### 02.11.
### DÎNER À LA «POTLATCH»

Repas des peuples amérindiens
(la fête des cadeaux)

Au Club Senior à Differdange

**Innovation!** les membres préparent un met eux-mêmes pour le faire goûter aux autres participants.

Début: 18h00

Inscription requise

Les boissons sont à payer sur place,

le repas est gratuit

### 02.12.
### CHRËSCHTMAART KÖLN

Départ um 7.05 Auer
beim Sportzentrum
zu Péiteng

7.45 Auer um Parking Plateau
des Hauts Fourneaux
zu Déifferdeng

Retour géint 18.00 Auer vu Köln

Akaafsbummel a Wantererliefnis
zu „Kölle"

Präis: 35€ fir Memberen,
50€ Net-Memberen

### 08.12.
### ADVENTSFEIER

vu 14.00 bis 17.00 Auer am
Fräizäitzentrum zu Lamadelaine

Virbereedung op Chrëschtdag
mat Lidder, engem Adventsbazar an
dem Besuch vum Kleeschen

Animatioun vum
Gino Tricario

Transport: 10€ · Entrée gratis

Plus d'informations sur

www.petange.lu




## AUSSTELLUNGEN | EXPOSITIONS

### KULTURHAUS A ROUSEN

Place du Marché · L-4760 Péiteng



### EXPOSITION ART ATTACK BY JAYANTHI
**du 21 au 23 octobre 2022**

Entrée libre

**Artiste exposant: Aline PHILIPPART**

Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme
de la Commune de Pétange

### EXPOSITION ACADÉMIE EUROPÉENNE DES ARTS LUXEMBOURG
**du 18 au 20 novembre 2022**

Entrée libre · Heures d'ouverture: de 15h00 à 19h00

Org.: Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme
de la Commune de Pétange

### KULTURZENTER RODANGE

Avenue Dr Gaasch · L-4818 Rodange




### FOTOAUSSTELLUNG L'AVANT-GARDE RODANGE
**vum 10. bis de 16. Oktober**

D'Ausstellung ass daagsiwwer op
vun 10 bis 17 Auer

**Réckbléck op 100 Joer Veräinsgeschicht**

Fräien Entrée

Org.: L'Avant-Garde Rodange

### CENTRE WAX

2, rue d'Athus · L-4710 Pétange

### EXPOSITION 10 JOER KONSCHT-MILLEN
**du 21 au 23 octobre 2022**

Heures d'ouverture: vendredi de 17 à 20h00
samedi de 10 à 12h00 et 15 à 20h00
dimanche de 15 à 19h00

Org.: Konscht-Millen asbl

# BEFREIUNG VU PÉITENG






## 78. Anniversaire vun der Befreiung

Den 9. September gouf den 78. Anniversaire vun der Befreiung vu Péiteng duerch amerikanesch Zaldote gefeiert. Ugefaangen hunn d'Feierlechkeeten um Péitenger Kierfecht, wou Membere vum Schäfferot Blummen néiergeluecht hunn. An dat um Graw vum Jean Jung an dem Charles Schöner.

Uschléissend war eng Gedenkzeremonie – esou wéi all Joer zënter 1947 – um Square Hyman Josefson. A Präsenz vum amerikanesche Botschafter Thomas Barrett gouf hei nach eng Kéier un d'Ereegnisser vum 9. September 1944 erënnert an dobäi ënnerstrach, datt et wichteg ass, net ze vergiessen.

Den 11. September gouf bei der Borne zu Passeur nieft der Parkierch un d'Affer vum Krich gedeecht, speziell awer och deenen, déi hiirt Liewen op d'Spill gesat an dacks verluer hu well si hire Matmënsche gehollef hunn, dem Nazi-Regime z'entkommen. Och si dierfen net vergiess ginn.























SONOR



CHARLES SCHOENER

# Wat war lass?






**10.9.2022** - *Rockabilly Deluxe 2022: eng super Zäitrees fir Jonk a manner Jonk!*
















**11.9.2022** - *De Firmin Martiny an de Claude Müller goufen am Laf vun enger ganz spezieller Feier an den „Ordre de la Chevalerie du 7e Centenaire" fir hiren Engagement fir déi Péitenger Gemeng opgeholl. Hiren Asaz gouf an enger Laudatio am Detail ënnerstrach. De René Klein, dee scho Rëtter am Uerde war, gouf an de Rang vum Officier promouvéiert.*





**14.9.2022** - *La Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme avait invité à la commémoration du 80e anniversaire de la proclamation de l'enrôlement forcé au Luxembourg, un événement historique qui eut un impact néfaste sur toute une génération. Une séance académique, à laquelle l'échevin Romain Mertzig a participé en tant que représentant de la commune de Pétange, fut organisée à Luxembourg Ville.*



**16. & 17.9.2022** - *Les fans du Supercross ne furent point déçus par les performances des meilleurs pilotes de la discipline qui avaient pour seul but de devenir le Prince ou Roi du Luxembourg sur le site* ***Carena*** *à Pétange.*
*Deux soirées bien animées et cloturées par un show freestyle époustouflant.*













**17.9.2022** - *Etwa 100 Personen – 60 Personen über 85 Jahre und etwa 35 Begleiter - hatten sich für die „Journée du Grand Âge“ angemeldet. Im Freizeitzentrum in Lamadelaine herrschte gute Stimmung und die Senioren nutzten die Gelegenheit zum kleinen Plausch mit den Tischnachbarn indes sich* ***Les Gavroches*** *dem musikalischen Teil widmeten. Mitglieder des Schöffen- und Gemeinderates verteilten indes kleine Geschenkpakete mit Leckereien an die Senioren.*



















**17.9.2022** - *Metalfestival Koplescht emol aneschters! Am Home St Hubert zu Péiteng war eng méi lass nodeems d'Metal-Fans hire Festival – deen 13ten - kuerzerhand hei an de Süde verluecht haten. Obwuel dat alles e bësse séier huet musse goen, war et e super Owend. Virun engem ausverkaafte Sall hunn Ed Hunters, Desdemonia, Cosmogon, Scarlet Anger, Praetor, Zirooco, Hopescure an Drogher jidderee matgerappt. En Erfolleg op der ganzer Linn.*














**17.9.2022** - *Am Kader vun der Europäescher Mobilitéitswoch gouf um Park&Ride zu Rodange eng Féierung ugebueden. Hei gesouchen d'Leit, déi sech ugemelt haten, wéi de Verkéier duerch déi Péitenger Gemeng an Zukunft berouegt an d'Kapazitéite fir d'Zich optimiséiert kënne ginn. D'CFL gesäit hei ronn 1600 Stellplazen op 7 Stäck vir fir de Bedierfnisser vun de Leit, déi mam Zuch fueren, Rechnung ze droen. 2023 soll dëst Parkhaus no 4 Joer Konstruktiounsaarbechten opgoen.*





**20.9.2022** - *No laange Méint goung an der rue des Alliés e Schantjen op en Enn. E Schantjen, duerch deen d'Strooss grad esou ewéi déi ënnerierdesch Infrastrukturen op de leschte Stand gesat goufen. Aarbechten, déi heiansdo d'Gedold vun den Awunner strapazéiert hunn, déi awer noutwendeg waren. Als klenge Merci hat d'Gemeng op e Patt an e klenge Maufel vum Grill invitéiert, fir deen sech och ganz eng ganz Rëtsch Awunner afonnt haten.*












**23.9.2022** - *De Groussherzog Henri war fir den 150. Gebuertsdag vun der Schmelz op Rodange komm, wou hien un der offizieller Zeremonie deelgeholl huet. 1872 gouf* ***d'Société anonyme des hauts-fourneaux*** *gegrënnt an huet esou munch schwéier Zäiten duerchlieft. Hautdësdaags ass hei e wichtege Produktiounsstanduert fir Profilschinnen, déi ganz spezifesch fir Trammen agesat ginn. Um Rondgang gouf och dem Kënschtler Markus Müller säi Fresko virgestallt, deen d'Dynamik vum Site Rodange soll duerstellen. Beim obligate Patt huet de Groussherzog sech mat de Gäscht, ënner hinnen och Memberen aus dem Péitenger Schäfferot, ënnerhalen.*




















**24. & -25.9.2022** - *Zeréck an d'Zukunft, esou gesouch et nees eng Kéier am Fond-de-Gras aus, wou sech trotz deene méi killen Temperaturen nawell eng helle Wull Leit fir de Steampunk afonnt haten. Extravagant Kostümer hunn hei mat skurrile Maschinen a Konschtwierker muncht Objektiv aus den Täsche gelackelt. Eng Rees an d'Vergaangenheet mat villen Iwwerraschunge fir d'Visiteuren.*






















# Mir gratuléieren!



90 Joer jonk gouf d'**Madamm Zeimet** dëser Deeg. Si wunnt an der Résidence Ronnwiss zu Rodange, wou hire ronne Gebuertsdag och gefeiert gouf.

De Buergermeeschter Pierre Mellina an de Schäffe Romain Mertzig hunn hir fir dee groussen Dag gratuléiert an haten als kleng Iwwerraschung e schéine Kaddo a Form vun enger Corbeille matbruecht.

An der Seniorie St Joseph zu Péiteng stoung e groussen Dag am Agenda: Ëmgi vun Pensionären, vu Memberen aus der Direktioun, dem Fleegepersonal esouwéi der Amicale de la Seniorie esouwéi dem Buergermeeschter Pierre Mellina an dem Schäffe Jean-Marie Halsdorf krut **d'Madamm Emma Antony-Gillé fir hiren 103. Gebuertsdag** eng schéi Corbeille vun de Péitenger Gemengevertrieder iwwerrecht, wou si allerlee ze schmaache wäert hunn. Nodeems, wéi d'Traditioun dat wëll, hir d'Gléckwënsch och nach eng Kéier musikalesch iwwerbruecht goufen, stoung dunn den obligate Patt um Programm.






Zënter 50 Joer sinn de **Romain Weber an d'Marie-Josée Birsens** eng Koppel. Deemools hunn si sech d'Jo-Wuert ginn a versprach, duerch Déck an Dënn ze goen. E Verspriechen, dat si gehalen hunn, an dat si virum Buergermeeschter an de Schäffen nach eng Kéier erneiert hunn. Si blécken och weider zesummen no vir a freeën sech, nach esou munch schéin Zäite mateneen a mat hirer Famill ze verbréngen.

# De Geschichtsfuerscher

Zënter 2006 ginn d'Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng Bicher iwwer relevant Themen an Zesummenhang mat der Gemeng eraus. 2006 koum deen éischte Band eraus, 2022 deen zingte Band, an dertëscht nach 8 Bänn a manner oder méi groussen Ofstänn.

Sinn historesch Fakten an Evenementer Ären Dada? Wa jo, da kuckt emol op d'Lëscht vun deene Geschichtsfuerscher, déi nach ze kréie sinn. Vläicht ass dat jo och eng Iddi fir e schéine Kaddo ze maachen ...







- 2006: Nr. 1 – Die Geschichtsfreunde / Eisenbahnstrecke CFL Luxemburg-Petingen / Home St. Hubert / Histoire de la commune de Pétange
- 2006: Nr. 2 – Schoulgeschicht 1930-1931
- 2008: Nr. 3 – Tëtelbierg Rodange / Famille Nothomb / Mir vergiessen net
- 2011: Nr. 4 – Les souverains de Pétange / de Charlemagne au Grand-Duc Henri, par René Klein
- 2014: Nr. 6 – L'usine de Rodange / Entente des sociétés de Rodange / Histoire de Rodange
- 2015: Nr. 7 – Ich war Jahrgang 1923 par Léon Keiser
- 2017: Nr. 8 – Guiden a Scouten zu Péiteng
- 2021: Nr. 9 – La commune de Pétange, ses origines, ses limites, ses édiles, par René Klein
- 2022: Nr. 10 – „A wat soll et dann sinn Madamm?", par Roger Bour

**Informatiounen iwwer Tel.: 50 12 51-6250 oder per E-mail: geschichtsfrënn@petange.lu.**

D'Geschichtfrënn hunn hir Lokaler am ale Paschtoueschhaus *An der Uecht* zu Rolleng. Si si freides nomëttes tëscht 15 an 18 Auer op, an dat op dëser Adress: 1a, avenue de la Gare.

Bei dréngende Froe kënnt Dir de Guy Kummer iwwer Tel. 691 506 034 erreechen.

# Intéresser les non-résidents à la politique communale

Dans le but de sensibiliser les résidents non-luxembourgeois pour la politique communale, le collège échevinal propose un programme afférent élaboré ensemble avec l'Office des citoyens et le Secrétariat général.

Le 12 octobre 2022 entre 15h30 et 18h30, un tour guidé de l'Hôtel de ville ainsi que des différents services administratifs est organisé pour les intéressés. Le programme de la porte ouverte est comme suit:

- 15h30: projection du film touristique à la salle des séances et départ du premier groupe pour la visite guidée qui se terminera par un pot de l'amitié et la remise d'un gadget à la salle des mariages
- 16h30: départ du 2e groupe
- 17h30: départ du 3e groupe
- 18h30: départ du dernier groupe.

Un stand d'information sera mis à disposition des visiteurs qui pourront y recevoir des renseignement sur une éventuelle inscription sur les listes électorales.

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

www.petange.lu

# RPL TV

Vum 15. Oktober u leeft dëse Programm:

- Aftermovie Rockabilly Deluxe (dat kann een och als Reportage huelen)
- Visite vum P&R zu Rodange
- Metalfestival Koplescht
- Supercross um Carena
- 150 Joer Rodanger Schmelz
- Steampunk
- Commémoration nationale

RPL TV

# Une étape majeure terminée



Depuis de longs mois déjà, le chantier CFL dans le quartier Gare à Rodange – la rue de la Gare à Lamadelaine inclus - évolue lentement. Une étape supplémentaire et importante fut terminée au début du mois de septembre quand un fonçage a été réalisé en période de barrage des voies ferrées sous la plateforme CFL. Cette opération fut exécutée entre le 22 août et le 31 août. Le tunnelier, dont le diamètre de coupe est 2180 mm, a permis de foncer 17 tuyaux pour créer un nouvel axe pluvial.

La suite du projet sera constitutée par le réaménagement de l'avenue de la Gare à Lamadelaine qui



comportera la suite de l'axe pluvial, les réseaux, infrastructures et aménagements extérieurs.

Actuellement, le projet définitif est entre les mains des Ponts-et Chaussées pour validation puisqu'il s'agit d'une voie routière tombant sous leur compétence. Les travaux pourraient commencer – après une publication future de la soumissioun – fin 2022 ou début 2023. Le maîtrise d'ouvrage est constituée de l'Administration communale de Pétange, du SIACH et des Ponts-et-Chaussées.

# Espace muséologique 9'44

Viru 6 Joer gouf d'Rout Haus um Site vun der Waxweiler Millen offiziell ageweit. Deemools – jo, esou séier geet et – waren d'Installatioune ganz modern. Ma elo, e puer Joer méi spéit, huet sech erausgestallt, datt dës Technik net méi déi bescht Léisung fir dës Raimlechkeete ass, an esou gouf entscheet, op en neie Wee ëmzeklammen. Am Comité de Pilotage 9'44 gouf sech Gedanke gemaach, wéi d'Rout Haus nach besser a méi flott d'Episodë vun de Krichsjoren an doriwwer eraus kéint weisen. Dobäi sinn eng etlech Neierunge gemaach ginn:

- En neien, grousse Schierm gouf fest installéiert.
- D'Software huet mussen ugepasst gi fir datt een elo ka wielen, wat fir Deeler ee kucke wëll a kann.
- Fir dës Experienz och flott ze gestalten, gouf de Sall och mat neie Still ausgestatt, déi elo bis zu 20 Leit eng Plaz gi fir sech ze sëtzen.
- Nei Filmepisodë goufen zesummegestallt, déi dann och net esou laang sinn. Ween sech da weider informéiere wëll, dee kann dat via d'Geschichtsfrënn vun der Péitenger Gemeng maachen.




- Den M8 kéint och an nächster Zukunft geréckelt ginn an dann nieft d'Rout Haus stoe kommen.

Nächste wichtegen Datum fir den 9'44 ass de 26. Oktober 2022 wann de 75. Anniversaire vum Monument um Square Hyman Josefson gefeiert gëtt.

**A ween eng Visite hei wëll buchen, dee kann sech beim Syndicat d'Initiative et du Tourisme vun der Péitenger Gemeng melden, an dat per e-mail: info@sitp.lu**

# 13th NEWCOMER BAND CONTEST

## 10. DEZEMBER 2022 @ 19h30

## HOME St Hubert PÉTANGE

**Fräien Entrée**
Iessen & Gedrenks

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

**5 BANDS**
präsentéieren ee
**LIVE CONCERT**
vun 30 Minuten



ROCK the SOUTH

# !!! MELL DECH UN !!!

**FLOTT PRAISSER ZE GEWANNEN:**

ROCKLAB

ON STÉITSCH

**Unmeldung & Info:**
www.petange.lu oder
Tel. 50 12 51-2075